

Ech ginn dovunner aus, datt mer da kënnen ofstëmme fir de Renvoi an d'Kommissioun an datt mer dat kënne och par main levée maachen.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien also domadder d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Dat ass net de Fall. Dann ass de Renvoi vun dëser Motion an d'Kommissioun à l'unanimité esou ugeholl.

(La motion 1 de M. Claude Haagen est renvoyée à la Commission du Travail.)

3. 8453 – Projet de loi portant modification de l'article 439 du Code pénal

An da komme mer awer zu deem nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8453, enger Ofännerung vum Artikel 439 vum Code pénal. Ech erënnere hei drun, dass dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass an deemno follgendermoossen opgedeelt ass: De Rapporteur huet 5 Minuten, d'Regierung, wa se wëllt, och 5 Minuten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Charel Weiler. Här Weiler, et ass un Iech.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Weiler (CSV), rapporteur | Merci nach eng Kéier, Här President. Léif alleguer, haislech Gewalt ass eng traureg Realitéit hei zu Lëtzebuerg. Si ka jiddereen treffen: eis Bekanntnen, eis Frënn oder souguer eis eege Familljememberen.

Als Gesetzgeber hu mer d'Verantwortung, en effikasse rechtliche Kader ze schafen, deen Affer vun haislecher Gewalt schützt a gläichzäiteg der Justiz déi néideg Mëttel gëtt, fir Decisiounen a Strofe mat aller Konsequenz ëmzesetzen an och ze applizéieren. An dëse Projet de loi mécht genee dat.

Zum Kontext: Mam Gesetz vum 27. Juni 2018 gouf de Juge aux affaires familiales agefouert an d'Kompetenze vum President vum Tribunal d'arrondissement, fir Interdictiounen oder Injonctiounen ze spriechen am Fall vu Gewalt am Stot, sinn op de Juge aux affaires familiales iwwerdroe ginn.

Et gouf leider verpasst, den Artikel 439 vum Code pénal dem neie Gesetz och unzupassen. Deemno konnte keng stroferechtlech Sanktiounen op Basis vum genannten Artikel gesprach ginn, déi awer besonnesch wichtigen Sinn am Kontext vun haislecher Gewalt. D'Finalitéit vun dësem Projet de loi ass deemno, den Artikel 439 vum Code pénal ze änneren an un d'Gesetz vum 27. Juni 2018 unzupassen, andeems d'Bezeechnung „président du tribunal d'arrondissement“ duerch „juge aux affaires familiales“ ersat gëtt.

Et ass u sech eng kleng, awer eng ganz wichteg Upassung, déi garantéiert, dass d'Kompetenze vum Richter kloer definéiert sinn an dass d'Affäre vun haislecher Gewalt méi effikass traitéiert kënne ginn.

De Staatsrot souwéi de Parquet général begrëssen an hiren Avisen dës Ännerung ausdrécklech.

Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegeen, mir sinn eis bewusst, dass d'Gesetzestexte aleng d'Gewalt am Stot net aus der Welt schafe kënne. Mee se sinn awer e wichtegt Instrument, fir géint d'Täter virzegoen a fir den Affer ze weisen, datt de Rechtsstaat hannert hinne steet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Weiler villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mëndlechen Rapport.

An dann huet d'Regierung d'Wuert, wa se wëllt. Dat schéngt net de Fall ze sinn.

A mir géngen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8453 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8453³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8453 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. 8446 – Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Als nächste Punkt kënnt eng Orientéierungsdebat iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Deemno huet d'Rapportrice 30 Minuten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi verschidde Sensibilitéite jeeeweils 7 an d'Regierung 30. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här Marc Goergen. An elo huet d'Rapportrice vun der Commission de la Mobilité et des Travaux publics, déi dës Orientéierungsdebat ugefrot huet, d'Madamm Mandy Minella, d'Wuert. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegeen, och zum Schluss

vun dësem Joer befaasse mir eis mat de groussen Infrastrukturprojete vum Staat, déi an den nächste Jore solle realiséiert ginn.

Anescht wéi soss kucke mer dëst Joer an der Chamber exklusiv op Projete, fir déi e Budget vun iwwer 30 Milliounen Euro virgesinn ass, konform mat deem, wat dëst Joer gestëmmt gi war. Dat erlaabt eis, op Investitiounen mat engem méi héije Käschtepunkt méi déif anzegoen, während méi kleng Projete an de spezifesche Kommissiounen behandelt ginn.

Bei de Projeten, déi ech Iech haut virstellen, geet et ëm Infrastrukturen, déi eis alleguer zeguttkommen an eis Liewensqualitéit wäerte verbesseren. Dës Projete gi bekanntlech iwwer verschidde Fonge finanziéiert. An dës Kéier leien eis 19 Projete vir, déi iwwer fënnf Fonge lafen: éischtens de Fonds d'investissements publics administratifs an de Fonds d'investissements publics scolaires mat jeeeweils dräi Projeten, donieft de Fonds des routes mat fënnf Projeten, dann de Fonds du rail mat sechs Projeten an zulescht de Fonds Belval mat zwee Projeten.

Déi verschidden Infrastrukturprojeten decken eng Rei Theemen of, woubäi de Schwéierpunkt, genau wéi d'lescht Joer och, bei der Mobilitéit läit. D'Mobilitéit ass en immens wichtegt Element fir d'Entwécklung vun eise Land a gëtt dofir och als Prioritéit substaanzuell mat héijen Investissementen ënnerstëtzt. Fir den Ufuerderung vum der Zukunft gerecht ze ginn, geet et drëms, de Verkéier méi effizient a sécher ze gestalten an d'Infrastrukturen op e moderne Stand ze bréngen.

Gläichzäiteg gëtt natierlech och un aner wichteg Beräicher geduecht, wéi d'Entwécklung, mee och d'Moderniséierung vun eisen ëffentleche Gebaier an Infrastrukturen, fir Lëtzebuerg fir déi kommend Generatiounen opzestellen. D'Investitiounen sti soumat am Dénkscht vun engem méi héijer Liewensqualitéit an Attraktivitéit vum Land.

Dëst bréngt mech op den éischte Volet, deen ech hei uschwätze wollt, nämlech de Fonds d'investissements publics administratifs, deen, wéi gesot, dräi Projete finanziéiert: en administratiiv Gebai zu Miersch, en administrativ Komplex um Boulevard Roosevelt an der Stad an en neie Schéissstand fir d'Police am Reckendall.

Am Programm vun der Administratioun vun de Bâtiments publics ass de Bau vun engem neie Bürosgebai virgesinn. Dëst Gebai soll um ale Site vum Agrozenter zu Miersch gebaut ginn an eng Kapazität vu 70 Leit kréien. Dës nei Konstruktioun wäert et dann och erlaben, verschidde staatlech Dénkschter ze regroupéieren.

Weider geet et ëm den administrativ Komplex um Boulevard Roosevelt an der Stad. Aktuell besteet de Komplex aus dräi Gebaier, déi sech op der Nummer 33 um Boulevard Roosevelt, Nummer 6, rue de l'Ancien Athénée an 11, rue Notre-Dame an der Stad befannen. De Projet gesäit vir, datt déi dräi Gebaier renovéiert ginn. Zousätzlech soll eng energieetesche Sanéierung vun der Enveloppe vum Gebai virgeholl ginn – also Dieren, Fënsteren, den Daach –, d'Ausschraänerei soll ersat ginn, d'Büro solle restauréiert an ëmorganiséiert ginn, d'sanitär Raimlechkeete musse moderniséiert ginn an d'technesch Installatioun soll à jour gesat bezéiungsweis ersat ginn.

Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegeen, et ass och virgesinn, den CNT, also de Centre national de tir vun der Police am Reckendall, ze moderniséieren. De Site besteet aus e puer Gebaier, déi sech souwuel zu Stroosse wéi och am Rollengergronn befannen. Effektiv ass et esou, datt déi meescht Infrastrukturen un hiert Liewenssinn komm sinn a mat Ausnam vum